LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 24/06/2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 JUIN 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°727

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°727 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Réponse du Ministre de l'Énergie à la question parlementaire n°727 du 23 mai 2019 de l'honorable députée Madame Martine Hansen**

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen betreffend d'Aspeisetariffer fir Solaranlagen, déi vu Kooperative bedriwwe ginn, kann ech Folgendes matdeelen:

D'Zil, wat mat der Dispositioun ronderëm d'Kooperativen an d'Sociétés civiles verfollegt gëtt, ass nach ëmmer dat nämmlecht, firwat des Dispositioun ënnert der viregter Regierung am Erneierbare-Reglement agefouert gouf: d'Biergerbedeelegung fërderen an ënnerstëtzen.

Jidder Bierger, och déi déi méiglecherweis keen Daach oder net genuch Daachfläch zu hirer Verfügung hunn, déi eng Hand mat upake wëlle fir den Ausbau vun den erneierbaren Energien an domadder eppes fir eise Planéit an eis Ëmwelt wëlle maachen, soll sech kënnen un der energetescher Transitioun bedeelegen, ganz am Sënn vun der "économie sociale et solidaire".

Well wierklech den zivillen Engagement soll geférdert ginn, ass d'Dispositioun sou geschriwwen, datt se een Zesummeschloss vun enger Réi Leit duerstellt. Mat siwe Leit gëtt probéiert deem Rechnung ze droen, och well deemools, wéi déi Reegel agefouert gouf, d'Gesetz iwwer d'Gesellschaften déi Unzuel virgesinn hat.

An der selwechter Optik ass dann och d'Memberschaft begrenzt ginn op physesch Persounen, ASBL'en a Fondatiounen, well et hei an där Dispositioun ëm d'Abanne vun der Zivilgesellschaft geet, wat jidder Eenzele vun eis ka maachen, an net nëmmen ëm de kommerzielle Benefiss.

Betriber, déi eng aner juristesch Form hunn, kënnen zu all Moment eng Solaranlag installéieren an hire Bäitrag zu der energetescher Transitioun leeschten: bis 30 kW ginn et mat staatlecher Ënnerstëtzung Aspeisetariffer sou wéi den erneierbaren Energien-Reglement se virgesäit. An der Kategorie iwwer 500 kW gëtt et säit 2018 d'Instrument vun den Appels d'offres, wou dëse Summer déi zweet Ausschreiwung fir grouss Solaranlage wäert veröffentlecht ginn. Do däerf jiddereen, an egal wéi enger juristescher Form, matmaachen a Projete vu Solaranlagen erareechen. Et kann een iwwerdeems lo scho soen, datt gepréift gëtt fir bei dem nächsten Appel d'offres, d'Ënnergrenz vun der Anlagegréisst vun elo 500 kW erofzesetzen, wat dann de Krees vun den Daachflächen déi mer do viséieren och géing méi grouss maachen, ganz am Sënn vun der néier Solaroffensiv déi d'Regierung lancéiere wëll. Dovunner kéinten och kleng- a mëttelgrouss Betriber profitéieren.

Generell bleift och nach unzemierken dat d'Regierung an der Zukunft d'Regele vun der néier Directive vun 2018 fir den Eegeverbrauch an d'Energiecommunautéite wëll ëmsetzen, sou dat zousätzlech Ureizer, respektiv alternativ Méiglechkeete fir d'Stroumnotzung aus der Photovoltaik wäerte geschafe ginn.